

„Vru 50 Joer: Wéi Lëtzebuerg op d'Prouf gestallt gin as“

D'Ried vum Professor Gilbert Trausch bei der Commémoratiounsfeier vum 8. November 1992

Erënnerungsfeiere spillen eng grouss Roll an eisem Liewen: an eisem Familljeliewen, wou mer esou gären Anniversaire feieren, mä och am Liewe vun engem Land, vun enger Natioun. A béide Fäll as den Zweck dee selwechten: duerch d'Feier an där domat verbonnener Erënnerung gët d'Kohesioun vun der Gemeinschaft gestärkt, d'Gefill vu Solidaritéit gët erneiert.

Dofir si mir haut hei zesummekomm, fir eis ze erënneren un dat, wat viru 50 Joer hei am Land geschitt as. Mir denken all an éischer Hisiicht un de grouse Streik vum 31. August 1942 an all dat, wat domat verbonne war: Standgericht, Doudesuerteler, mä och d'Em-siedlung a virun allem den Zakrifiss vun eiser Jugend.

Um Ufank vu mëngem Exposé wëll ech dräi Virbemiirkunge machen.

1. Dir erwaart wahrscheinlech vu mir, datt ech als Historiker schwätzen. Dat heescht, dat ech versichen, eng Analyse ze maachen, déi op der historesch-kritescher Method berout an där et ëm Wourecht geet, si ze erfassen, esou gutt et eis méiglech as. Et geet also nët an éischer Hisiicht ëm Patriotissem. De Patriotissem as e Gefill, e wäertvollt Gefill, mä d'Geschicht as eng Wëssenschaft. Si huet hir ege Method an hir ege Fuerderongen.

2. Eng Commémoratiounsfeier as natüerlech d'Geleënheet, e Bléck zréck ze werfen an d'Vergaangenheet. Dat as evident. Manner evident as, datt si och e Bléck no vir soll sin. Mir liewen nët an der Vergaangenheet, mir liewen an der Zäit vun haut, a mir denken an engem Stéck un d'Zäit vu muer. Esou gesin as eis Feier vun haut e Band tëschent gëschter a muer.

3. Mir commémoréieren de Streik vun 1992 als Symbol vun der Resistenz vun Lëtzebuerg Vollek. Mä wuel verstan: 't as Resistenz viru gin. Dat éischt Blut as am Oktober 1941 gefloss; 't as Resistenz dono gin, 't as nach méi Blut dono vergoss gin a Stréimen, esou z. B. zou Sonnenburg, am Januar 1945.

Eise Misär huet ugefaang mat engem Schock. 1939 hun d'Lëtzebuerg mat vill Enthousiassem 100 Joer Onofhängegkeet gefeiert. Natiirlech woussten si, datt d'Land a Gefor war a si woussten och, vu wat fir enger Sait de kale Wand geblosen huet. Mä si ware voller Vertrauen, wëll si hu gezielt op eise sympathesche Noper, dat mächtg Frankräich. D'franséisch Arméi, déi géng Lëtzebuerg protegéieren. Sollten d'Preisen amarschéieren, da géng eis Grande-Duchesse sech op d'franséisch Grenz zréckzéien. Dat misst duer goen. En Haus war schon zu Rodange fir si gelount gin.

De Schock war nët, dass d'Preisen

eis ege Sprooch, mä och déi vun eise Noper, Däitschland a Frankräich. Wichtig fir eis as, dat mer béid Sprooch schwätzen a jhust dat wollt de Gauleiter verhënnere. Schons de 6. August 1940 huet hien de Gebrauch vun Franséische streng verbueden. Hien hat nët bekäppt, dass dat, wat fir hien e „welsche Firnis“ war – also nëmme e Vernis –, fir d'Lëtzebuerg am Konträr eng al a wertvoll Traditioun as. Zum selwechte Moment hun d'Preisen de Lëtzebuerg wolle klar maachen, si wäere ganz einfach „Urdeitsch Musel-franken“. Eng Lëtzebuerg Nationalitéit géif et nët, also ware mer däitsch.

De Gauleiter huet nach en aneren Trick probéiert. Hie wollt d'Lëtzebuerg géint enaner opréngen, hir Solidaritéit sprengen. Am Oktober 1940 as hien eng grouss Ried op Esch hale gaang an där hie versicht huet, d'Aarbechter géint d'Bourgeoisie an déi Intellektuell opzestëppelen. Hien huet hinne méi Pái a besser Aarbechtsbedingung versprach. Mä all séng Méi war ëmsoss. Eis Minettsarbechter ware solidaresch mam Rescht vun der Populatioun.

Lëtzebuerg hat also deemools, am Summer-Hierscht 1940 eng éischt Prouf ze bestoen. Datt eis Leit deemools nët verzweifelt sin, dat as hinnen héich unzurechnen.

Eng zweet Prouf koum e Joer méi spéit, bei der Vollekszielung vum 10. Oktober 1941. Mir wëssen alleguer, datt et dobäi ëm 3 verfänglech Froe gaang as: ëm eise Staat, eis Mammesprooch an eis ethnesch Existenz, dat wat d'Preisen „Volkszugehörigkeit“ genannt hun.

D'Froe waren esou gestallt, datt nëmme eng Äntwert méiglech war, an zwar däitsch. Kleng gedréckt Explikatiounen um Formulär sollten de Lëtzebuerg dat ganz kloer maachen. Deem, deen dann nach nët bekäppt hat, deem gouf gedrat: d'Konsequenzen wäere ganz ureg.

Dass d'Lëtzebuerg deemools duergehalen hun, dat as eng grouss Leeschtong, wëll jiddereen huet missen eleng séng Decisioun huelen. All Stot war op sech selwer ugewisen. Hätten d'Lëtzebuerg esou géantwert wéi d'Preisen et gäre gehat hätten, dann hätte si hir Identitéit verluer.

Aus enger Vollekszielung mat Fousseisen hu si e Referendum gemaach, an zwar e Referendum fir Lëtzebuerg.

Komme mir elo zum zweeten Deel. No der Identitéit geet et ëm eis Jugend, datt heescht ëm eis Zukunft. Scho beim Referendum hun d'Lëtzebuerg gespiert, dass hir Jongen menasséiert

macht goen, du stong eist Land virun enger neier Gefor. Wéi géingen d'Lëtzebuerg reagéieren? Géinge si déi Provokatioun esou einfach unhuelen?

Eist Land huet mat Fermetéit an Dignitéit reagiert. Mat Fermetéit duerch e grouse Streik, deen all Schichte vun eisem Vollek erfass huet. Mat Dignitéit, wëll de Streik war friddlech a roueg. Et war am grouse ganzen eng spontan Reaktioun vun Lëtzebuerg Vollek, dat sech viru séng Jugend gestallt huet. Dat Blut, dat deemools gefloss as, as dat nobelst aus eiser Geschicht: onschëllegt Blut hirgin fir eng national Cause, déi gerecht as. Wéi et ëm hir Jugend gaang as, du sin déi zréckhalend a virsiichtg Lëtzebuerg aus sech herausgaang.

D'Afféierung vun Militärdéngscht duerch d'Preisen hat grouse Konsequenzen op de Widderstand vun Lëtzebuerg Vollek. Déi eenzel Mouvementer hate sech vum Hierscht a Winter 1940 u forméiert. Si waren op regionaler Basis entstanen. Bis zum 30. August 1942 war d'Resistenz d'Affär vun enger klenger Minoritéit, et kéint ee bal soen, vun enger Elite. Dat ännert mat der Zwangsrekrutierung. Domat gët praktesch dat ganz Vollek ugesprach, t'gët kaum eng Familljen, wou nët e Fils, e Koséng, e Neveu oder en Noper betraff war.

Elo drengt de Widderstand an all Schichte vun eiser Populatioun an. Hie gët elo gedroe vun Lëtzebuerg Vollek. Niewent der organisierter Resistenz hu mä Dausende vu Lëtzebuerg, déi Dausende vu Jonge verstoppt hun. Och dat as Resistenz gewiescht an zwar eng ganz geféierlech. Dausende vu Lëtzebuerg hun duerch hir Haltung klar gewisen, wou si stongen a sin ëngesiedelt gin. Och dat war kuragéiert Resistenz.

Eis Grande-Duchesse am Exil huet dat ganz däitlech an enger Radios-Emissioun am November 1992 gesot: „Dat allerschlemmst wéinechstens as ons erspuert bliwwen: mir hun ons ni selwer opgin.“

Mat der Zwangsrekrutierung hatten d'Preise selwer e kloer Strech gezun. Wien do nach mat hinnen zesumme geschafft huet, dat wor e Kollaborateur.

Et as hei de Moment, e puer Wuert iwert d'Roll vun der Resistenz ze soen. Hei am Land konnt et nët drëm goen, bewaffnet Resistenz ze maachen. Déi grouss Missioun vun eiser Resistenz war – an d'Geschicht erkennt déi Roll voll un – d'Moral vun eiser Populatioun ze stärke. Si huet verhënnert, dass

zettelseuch“ weise ganz kloer, datt eis Resistenz dat richteg Mëttel fonnt hat.

Nom 30. August 1942 koum awer eng ganz grouss Aufgab op d'Resistenz zou, eisen zwangsrekrutéierte Jongen ze hëllefen, sech ze verstoppen. Vun denen 10 200 Jongen, déi effektiv sollten agezu gin, hu sech der ronn 3 500, dat heescht en Drëttel dem Militärdéngscht entzun. Si sin desertéiert oder hu sech verstoppt. Besser wäer gesot: si si verstoppt gin. Hei komme mir dann op ëppes aussergewöhnlech: déi grouss Majoritéit vun hinnen as hei am Land verstoppt gin, trotz alle Risiken, déi dat mat sech bruecht huet.

Esou vill Jongen an engem klengen Land ze verstoppen, ee Land ouni Bierger a grouse Bëscher, dat war nëmme méiglech duerch d'Solidaritéit vun der ganzer Populatioun. Et war eng aktiv an eng passiv Solidaritéit, wëll d'Lëtzebuerg et och fäerdeg bruecht hun, de Mond ze halen.

Eis Resistenz am Krich hat vill Formen.

– Mir hu fir d'éischt eis organiséiert Resistenz, déi sech duerch déi verschidde Mouvementer ausdréckt. Nëmme e klengen Deel vun eise Leit konnt esou en Engagement huelen.

– Mir hun dann déi vill Lëtzebuerg, déi ganz privat, isoléiert Resistenz gemaach hun, déi Jonge verstoppt hun, déi sech ëm de Ravitaillement vun de verstoppte Jonge gekëmmert hun. Am Krich hu si hire Kapp riskéiert an nom Krich hu si ouni vill Gedeesses hirt normaalt Liewen erëm opgeholl.

– Mir hun eis Refractairen an eis Deserteuren, eis Jongen, déi an de Maquis gaange sin, an d'Belsch oder a Frankräich. Aner sin de laange Wee no England gaang an hun an den alliierten Arméien, besonnesch an der Brigade Piron, fir hiirt Land, mä och fir d'Fräiheet vun Europa gekämpft.

– Mir hun eis Emgesiedelt, déi de schwéieren an ongewësse Wee nom Oste gaang sin.

– Mir hun eis Grande-Duchesse Charlotte an eisen Ierfpréng Jean, déi am Exil de Symbol vun eiser Onofhängegkeet sin.

D'Risiken vun der Resistenz waren enorm. Déi vill Lëtzebuerg, déi an de Kazetter soutzen, hun dat u Läif a Séil erfuer.

Eis Resistenz war och villschichtig an hirer Ausrichtung. Si hu all Lëtzebuerg erfass, vum lénken bis zum rechte Lager, vun de Kommunisten bis zou de Konservativen. Opfalend as awer den héie Prozentsatz vu jonge Leit. io vu Jugendlecher. Si waren vum



Au soir de la tempête... (Photo: Lé Sibenaler)

nen Deeler goufen et Defaillancen. Et gouf eng Rei Lëtzebuerg, déi versot hun. Mir dierfen dat haut, bei deser Geleënheet, nët verstoppen. Mir brauchen eis nët besser ze maachen, wéi mir waren. Dat, wat d'Lëtzebuerg am Krich gemaach hun, geet vëlleg duer. Mir hu bewisen, dass mir am Verglach mat aneren Natiounen gläichwäertg sin an also och gläichberechtigt sin. Mir Lëtzebuerg vun haut, mä och déi vu muer, hun denen, déi am Krich fir d'Land gelidden hun a gestuerwe sin, vill ze verdanken.

Mir erënneren eis haut un déi schwéier Zäit. Dat as liewenswichtig fir eist Vollek, wëll eng Zoukunft kann nët op d'Vergiessen vun der Vergaangenheet opgebaut gin. Mä mir dierfen nët an der Vergaangenheet stoe bleiwen. De Krich huet eis dat gin, wat eis gefeelt huet, dat, wat d'Fransou nennen „des lieux de mémoire“: Wolz a Schëffleng, de Musée de la Résistance

zou Esch, d'Hinzterter Kräiz an d'Monument vun der nationaler Solidaritéit zou Lëtzebuerg.

Mir stäipen eis op déi „lieux de mémoire“, fir no vir ze kucken. D'Resistenz huet eis e Message hannerlooss, et as derwäert, sech fir eist Vollek anzusetzen, a wa mir dat maachen, da kann eist Vollek, esou kleng et och as, iwerliewen. Mä am Krich gong et nët nëmme ëm national Wäerter. Et gong och ëm allgemeng menschlech Wäerter, ëm d'Fräiheet, d'Dignitéit vun Mënsch, ëm d'Mënscherechter. Dee Kampf do geet ni zou Enn.

Dat as e wertvolle Message, mä hie muss esou formuléiert sin, dass en haut verstan ka gin, e muss der Mentalitéit vun haut ugepasst gin. An der Sprooch, nët nëmme am Inhalt, läit d'Chance, dee wäertvolle Message aus dem Krich denen neie Generatioun mat op de Wee ze gin.

evident. Manner evident, dass datt si och e Bléck no vir soll sin. Mir liewen nēt an der Vergaangenheet, mir liewen an der Zäit vun haut, a mir denken an engem Stéck un d'Zäit vu muer. Esou gesin as eis Feier vun haut e Band téschent gëschter a muer.

3. Mir commemoréieren de Streik vun 1992 als Symbol vun der Resistenz vun Lëtzebuurger Vollek. Mä wuel verstan: 't as Resistenz virdru gin. Dat éischt Blutts am Oktober 1941 gefloss; 't as Resistenz dono gin, 't as nach méi Blutts dono vergoss gin a Stréimen, esou z. B. zou Sonnenburg, am Januar 1945.

Eise Misär huet ugefaang mat engem Schock. 1939 hun d'Lëtzebuurger mat vill Enthousiasm 100 Joer Onofhängegkeet gefeiert. Natiirlech woussten si, datt d'Land a Gefor war a si woussten och, vu wat fir enger Sait de kale Wand geblosen huet. Mä si ware voller Vertrauen, wéll si hu gezielt op eise sympathesche Noper, dat mächtigt Frankräich. D'franséisch Arméi, déi géng Lëtzebuerg protegéieren. Sollten d'Preisen amarschéieren, da géng eis Grande-Duchesse sech op d'franséisch Grenz zrëckzéien. Dat misst duer goen. En Haus war schon zu Rodange fir si geloungt gin.

De Schock war nēt, dass d'Preisen eis iwerfall hun, mä dass d'Fransousen esou séier an d'Gette gaang sin. Domat waren d'Lëtzebuurger op sech selwer gestallt. Si waren zwar nēt ganz eleng, wéll d'Engländer duergelalen hun, mä d'Engländer ware wäit ewech.

Elo fänkt d'Prouf fir d'Lëtzebuurger un, eng Art Examen, wéi se nach kee matgemaach haten. Vun 1914 bis 1918 hate se schon eng preisesch Besatzung erlieft, mä si hu keng Faarf misse bekennen. Keen eenzege Lëtzebuurger hei am Land huet sei Kapp missen duerhalen fir säi Land.

Elo, op eng Kéier sollten d'Lëtzebuurger bewiese missen, dat se e Vollek, jo eng richteg Natioun wäeren. Mä gare la mine, sollte si deen Examen nēt packen; da wäer et eriwer mat hinnen, da géinge si vun engem vun eisen Noper akasséiert gin; da wäer et eriwer mat hirer Pretentioun, eng Natioun ze sin. Dann hätt déi Tréierer Zeitung Recht behal, déi 1916 behaupt huet, d'Lëtzebuurger Onofhängegkeet wäer nēt méi wéi en opgeblosent Ee.

Den Examen, deen d'Lëtzebuurger hu missen op sech huelen, huet aus zwee Deeler bestan. Beim éischte gong et em eis Identitéit, beim zweeten em eis Jugend, ons Jongen.

Fänke mir u mam éischten Deel. Et kann een de Preise villes reprochéieren, mä ganz secher nēt, si hätten nēt kloer gewusst, wat se wollten. De Gauleiter hat vun Ufank un d'Situatioun richteg erkannt. Hien huet vun Ufank un de Problem vun der lëtzebuurger Identitéit an déi richteg Perspektiv gestallt.

Eis Identitéit, deemools wéi haut, huet baséiert op eiser Sprooch, besser gesot, op eistem Sproochgebrauch, mä och op onser Solidaritéit. Mir Lëtzebuurger sin der Meenong, datt eis Dräi-Sproochegkeet vill zu eiser Identitéit bäidréit. Mir schwätzen nēt nëmmen

Eng zweet Proukoom e Joer mei spéit, bei der Vollekszielung vum 10. Oktober 1941. Mir wëssen alleguer, datt et dobäi em 3 verfänglech Froe gaang as: em eise Staat, eis Mammesprooch an eis ethnisch Existenz, dat wat d'Preisen „Volkszugehörigkeit“ genannt hun.

D'Froe waren esou gestallt, datt nëmmen eng Äntwert méiglech war, an zwar däitsch. Kleng gedréckt Explikatiounen um Formulär sollten de Lëtzebuurger dat ganz kloer maachen. Deem, deen dann nach nēt bekäppt hat, deem gouf gedrát: d'Konsequenzen wäere ganz ureg.

Dass d'Lëtzebuurger deemools duergelalen hun, dat as eng grouss Leeschtong, wéll jiddereen huet missen eleng séng Decisioun huelen. All Stot war op sech selwer ugewisen. Hätten d'Lëtzebuurger esou géantz wéi d'Preisen et gäre gehat hätten, dann hätte si hir Identitéit verluer.

Aus enger Vollekszielung mat Fouss-eisen hu si e Referendum gemaach, an zwar e Referendum fir Lëtzebuerg.

Komme mir elo zum zweeten Deel. No der Identitéit geet et em eis Jugend, dat heescht em eis Zukunft. Scho beim Referendum hun d'Lëtzebuurger gespiert, dass hir Jongen menasséiert wäeren. Wéi dun den 30. August 1942 de Gauleiter feierlech proklaméiert huet, eis Jonge missten an d'Wehr-

Elo dregt de Widerstand an all Schichte vun eiser Populatioun an. Hie gët elo gedroe vum Lëtzebuurger Vollek. Niewent der organiséierter Resistenz hu mâr Dausende vu Lëtzebuurger, déi Dausende vu Jonge verstoppt hun. Och dat as Resistenz gewiescht an zwar eng ganz geféierlech. Dausende vu Lëtzebuurger hun duerch hir Haltung klor gewisen, wou si stongen a sin emgesiedelt gin. Och dat war kuragéiert Resistenz.

Eis Grande-Duchesse am Exil huet dat ganz däitlech an enger Radios-Emissioun am November 1992 gesot: „Dat allerschlimmst wéinechstens as ons erspuert bliwwen: mir hun ons ni selwer opgin.“

Mat der Zwangsrekrutierung haten d'Preise selwer e kloer Strech gezun. Wien do nach mat hinnen zesumme geschafft huet, dat wor e Kollaborateur.

Et as hei de Moment, e puer Wuert iwert d'Roll vun der Resistenz ze soen. Hei am Land konnt et nēt drëm goen, bewaffnet Resistenz ze maachen. Déi grouss Missioun vun eiser Resistenz war – an d'Geschicht erkennt déi Roll voll un – d'Moral vun eiser Populatioun ze stärken. Si huet verhënnert, dass d'Leit géinge resignéieren, dass si d'Bengele bei Tromm géinge leen. D'Diatriben vun Gauleiter géint „Flug-

vun de verstoppte Jonge gekëmmert hun. Am Krich hu si hire Kapp risquéiert an nom Krich hu si oui vill Gedeessens hirt normalt Liewen erëm opgeholl.

Mir hun eis Refractairen an eis Deserteuren, eis Jongen, déi an de Maquis gaange sin, an d'Belsch oder a Frankräich. Aner sin de laange Wee no England gaang an hun an den alliéierten Arméien, besonnesch an der Brigade Piron, fir hiirt Land, mä och fir d'Fräiheet vun Europa gekämpft.

Mir hun eis Emgesiedelt, déi de schwéieren an ongewësse Wee nom Oste gaang sin.

Mir hun eis Grande-Duchesse Charlotte an eisen Ierfpréiz Jean, déi am Exil de Symbol vun eiser Onofhängegkeet sin.

D'Risiken vun der Resistenz waren enorm. Déi vill Lëtzebuurger, déi an de Kazetter soutzen, hun dat u Läif a Séil erfuer.

Eis Resistenz war och villschichtig an hirer Ausrichtung. Si huet all Lëtzebuurger erfaasst, vum lénken bis zum rechte Lager, vun de Kommunisten bis zou de Konservativen. Opfalend as awer den héie Prozentsatz vu jonge Leit, jo vu Jugendliche. Si waren vum Ufank un derbäi, am August 1940 beim Spéngelskrich, am Oktober 1940, wéi d'Gëlle Fra ofgerappt gouf, beim Streik vun 1942. Si sin no Stahleck an no aner „Umschulungslager“ verschleift gin, an trotz hirem jonken Alter, si si dem Land trei bliwwen.

Ennert deene villen Opfer vum Nazi-Regime, wéll ech zwou Kategorien zrëckhalen.

Eis jiddesch Matbierger hun e schrecklechen Tribut un de Rassismus misse bezuelen. E Rassismus däerf a kann et nēt méi hei zou Lëtzebuerg gin.

Eis gefalen zwangsrekrutéiert Jongen: ronn 3 150. Dat as fir e klengt Vollek ewéi mir eng schrecklech Zuel. Ee Vollek as eng Kollektivgemeinschaft. An där Optik war d'Zwangsrekrutierung dat schroost, wat eistem Vollek konnt passéieren. Dobäi huet si eis Jongen ennert e psychologeschen Drock gesat, deen onnerhéiert war.

't as elo Zäit, zu enger Kongklusioun ze kommen. Eist Vollek as an de Joren 1940-1945 op eng terribel Prouf gestallt gin. Kee Vollek kënnt laanscht d'Prouf vun der Geschicht. Eng Populatioun gët érischt eng Natioun, wa si déi Prouf bestan huet.

Ech mengen, mir kënne rouege Gewëssens soen, eist Vollek hätt d'Prouf bestan. D'Zuele schwätzen eng klor Sprooch:

791 Lëtzebuurger si vun den Nazien higericht gin.

4 000 soutzen am Kazett.

4 500 sin emgesiedelt gin.

2% vun eiser Populatioun sin duerch de Krich émkomme. Dat as a Westeuropa den héichste Prozentsatz, no den Hollänner.

Eist Vollek huet séng Pflicht gemaach als Kollektivitéit. Mä an deenen eenzel-

nen Deeler goufen et Defaillancen. Et gouf eng Rei Lëtzebuurger, déi versot hun. Mir däerfen dat haut, bei dëser Geleënheet, nēt verstoppen. Mir brauchen eis nēt besser ze maachen, wéi mir waren. Dat, wat d'Lëtzebuurger am Krich gemaach hun, geet vëlleeg duer. Mir hu bewisen, dass mir am Verglach mat aneren Natiounen gläichwäerteg sin an also och gläichberechtigt sin. Mir Lëtzebuurger vun haut, mä och déi vu muer, hun denen, déi am Krich fir d'Land gelidden hun a gestuerwe sin, vill ze verdanken.

Mir erënnere eis haut un déi schwéier Zäit. Dat as liewenswichtig fir eist Vollek, wéll eng Zoukunft kann nēt op d'Vergessen vun der Vergaangenheet opgebaut gin. Mä mir däerfen nēt an der Vergaangenheet stoe bleiwen. De Krich huet eis dat gin, wat eis gefeelt huet, dat, wat d'Fransouse nennen „des lieux de mémoire“: Wolz a Schëffleng, de Musée de la Résistance

zou Esch, d'Hinzerter Kräiz an d'Monument vun der nationaler Solidaritéit zou Lëtzebuerg.

Mir stäipen eis op déi „lieux de mémoire“, fir no vir ze kucken. D'Resistenz huet eis e Message hannerlooss, et as derwäert, sech fir eist Vollek anzesetzen, a wa mir dat maachen, da kann eist Vollek, esou kleng et och as, iwerliewen. Mä am Krich gong et nēt nëmmen em national Wäerter. Et gong och em allgemeng menschlech Wäerter, em d'Fräiheet, d'Dignitéit vum Mënsch, em d'Mënscherechter. Dee Kampf do geet ni zou Enn.

Dat as e wertvolle Message, mä hie muss esou formuléiert sin, dass en haut verstan ka gin, e muss der Mentalitéit vun haut ugepasst gin. An der Sprooch, nēt nëmmen am Inhalt, läit d'Chance, dee wäertvolle Message aus dem Krich denen neie Generatioun mat op de Wee ze gin.

Au fil des jours

A la brocante

Avec les brouillards du mois de novembre revient l'envie de se pencher davantage sur les petites choses de la vie quotidienne. Ainsi, le samedi matin, sur le chemin du marché, il m'arrive de m'arrêter une demi-heure sur la Place d'Armes pour flâner le long des étalages des brocanteurs.

Il ne faut pas s'attendre à y trouver les grandes pièces rares des antiquaires. Mais celui qui s'y connaît quelque peu pourra facilement y avoir l'aubaine de quelque trouvaille de choix. Et les connaisseurs ne manquent certainement pas le samedi matin.

Quant à moi, je me contente de faire ma joie de tout cet amas d'objets désuets: chaudrons et ustensiles de cuivre, moulins à café et fers à repasser vétustes, bougeoirs et chandeliers en verre coloré ou en étain, sucriers, salières et assiettes fleuries, lampes de chevet du début du siècle, boîtes à bijoux et tabatières, gravures anciennes et livres écornés, miroirs ternis et cruchons bombés, sans oublier les imposantes garnitures de lavabo et les pots de chambre, jadis indispensables.

Tantôt je me laisse tenter par une aiguère finement ciselée ou un vase en vieille faïence. Des souvenirs s'éveillent. Petite fille, j'avais admiré les mêmes verres à liqueur ornés de fleurs blanches chez l'aïeule qui ne les sortait qu'aux grands jours. Que sont-ils devenus?

Chaque maison a jadis hébergé une foule de ces petits trésors. Lorsqu'ils étaient passés de mode, on ne prêtait plus guère attention à ces objets tant convoités aujourd'hui. Ou bien encore, ce qui était notre cas dans les Ardennes ou au bord de la Sûre, la guerre les a enfouis sous les décombres. Et ce qui n'était pas raflé par les obus, a été emporté par les maraudeurs qui, aujourd'hui, s'enorgueillissent impunément de leurs trésors amassés.

Chaque année, des milliers d'objets vont à la brocante. Lors d'un décès, les héritiers se débarrassent volontiers de la vieille vaisselle passée de mode. Il n'y a certes rien à redire. Si ces choses désuètes peuvent faire la joie d'un collectionneur, elles sont bien placées. Mais j'ai chaque fois un frisson, lorsque j'aperçois de vieilles photos de famille, jaunies par le temps, ou encore un livre de prière usé à force d'avoir servi à la pieuse aïeule, offerts à la curiosité du grand public. Qu'on se débarrasse de ce qui ne sert plus. Mais il y a des limites. On ne devrait pas s'avilir à vendre l'âme de certaines choses.

Les derniers rayons de soleil filtrent à travers les branches des arbres de la Place d'Armes, et teintent d'or et de mélancolie tous ces trésors de jadis devenus brocante romantique qui fait surgir un passé déjà lointain.

M.-C. H.



Mgr Jean Origer, „Defensor civitatis“
De Mgr Origer as de 17. September 1942 am KZ Dachau gestuerwen.